

REÇU
Par Alf Christian, 16:22, 10/03/2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 10. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

De Vandalismus ass eng net ze ënnerschätzend Tatsaach an eisem Land. Dovu bleift och den ëffentlechen Transport net verschount. Vill vun dëse Vandalismusaktiounen ginn, wann den Täter net kann ermëttelt ginn, zu Laaschte vun den ëffentleche Finanzen korrigeiert.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung riichten:

1. Ginn Akte vu Vandalismus op Zuch- an RGTR-Linnen opgelëscht, respektiv, aktéiert?
2. Wann nee: Wäre d'Regierung bereet, esou eng Enquête opzestellen?
3. Wa jo: Kann d'Regierung eis dës Oplëschtung vu Vandalismusakten, opgeschlüsselt no deene leschte fënnef Joer, matdeelen?
4. Wa jo: Huet d'Regierung Zuelen, wéi vill dës Vandalismus bis elo kascht huet, opgeschlüsselt no deene leschte fënnef Joer?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 11 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3823 du 10.03.2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen -
Vandalisme dans les transports publics

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés